



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,
AFFILIÉE A LA FÉDÉRATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

Dippech, den 25. März 2020

Rapport vun der Sëtzung vum Méindeg den 11 März 2020

Nom:	Ini.	Functioun:	Présent	Excusé(e)
DIDIER Lucien	DL	Member	•	
GILLES Joël	GJ	Member	•	
GONCALVES Sandro	GS	Membre coopté secrétaire	•	
HAAG Serge	HS	Membre coopté président	•	
HEIDERSCHIED Dan	HD	Member	•	
JUNGBLUTH Fredy	JF	Trésorier	•	
KEISER Claude	KC	Member	•	
MORANG Misch	MM	Member	•	
MORIS Laurence	ML	Member		•
SPAUTZ Richard	SR	Secretär	•	
TREIS Laurent	TL	Member	•	

Start vun der Sëtzung: 19:15h

1. UNHUELEN VUM ORDRE DU JOUR

Unhuelen vun der Dagesuerdnung ass unanime uegheol,

2. APPROBATIOUN VUM RAPPORT VUN DER VERSAMMLUNG VUM 24 FEBRUAR 2020

Rapport ass unanime uegheol,

3. DEBRIEFING VUN DER AGO & EVENT AM GARAGE THOMMES

HD Et ass gutt verlaf, et waren vill Léit do, um Event vum Garage Thommes do war et och e bessi bont, d'Fotoen eng grouss Valorisatioun fir de Club, do huet den TL eng super Aarbecht geleescht. Usponn fir en „in time update“ vun de Begleeder vun de Coureurë,

@ Thema Miny Gilles : de Coureur huet e Merci un den Trisport adresséiert, do wäer et villäicht ubruecht fir dann Remerciements un de Club & un

Sekretariat: p.a. Richard Spautz, 63, Paul Wilwertz Strooss, L-2738 LËTZEBUERG, richard.spautz@ucdippach.lu, Mobil: 621 610 843-
Eis Konten: **CCPL: IBAN : LU43 1111 0249 9364 0000 / BCEEL: IBAN: LU94 0019 6600 0561 9000**
www.ucdippach.lu

d'Sponsoren ze riichten, well di jo fir seng Stagen an säin Training géifen alles machen.

- HS** Zu gewëssen Momenter war et e bessi Chaotesch virgang, di nächsten Kéier solle mer villäicht en Eck fir d'Kanner virgesinn fir datt d'Versammlung gutt soll verlafen,
- @ Event am Garage Thommes war e ganz schéinen Event mat enger super Organisatioun.

GANZ WICHTEG DEN CX AS DEN 10102020 A NET DEN 9.

- JF** D'Gemeng huet vun de Propriétaire e provisoreschen Accord fir de Kaf vun de(r)Parzelle(n), d'Sponsoren di net konnten do sinn, do muss een sech bei deenen mëllen fir hinnen d'Uniform matzehuelen, quid mat der Fidelisatioun vun eisen Memberen, ënnert der Form vun engem Bongenschäin z.B..
- MM** Ech kucken dat ech derhannert bleiwen.

4. GRILLEN BEIM CACTUS

- HD** Start vum Dag ab 9h, DL bringt de Material, MM hëllt d'Sachen mat Heem, JF mecht d'Keesen. Den Plecker Pierre mecht d'Eisekuchen di 2 Deeg.
- JF** Freet op alles d'selwescht bleibt wat Präisser.

5. SUIVI GP BOB JUNGELS6. INDOOR CYCLING 2020

- SR** Den Préadmis ass ugefrot, mir kréien 10 Polizisten fir de Balisage. (Plan à fournir/Foto), do mussen natiirech och Posten vun eis nach derbäi sëtzen, Briefing mat der Police fir d'Posten ze définéieren, dee Briefing gëtt um 8 :30h wëll se mussen um 9h op hierem Posten sinn. D'Commissäiren ginn vun mir gefrot
Den Emile Weber ass gefrot ginn dee géif Freides kommen am fréien Nomëtten, Sonndes no der Course ewech gehol, de Marquage gëtt jo virdrun gemach (P&C)
D'Hebebühn ass och bei der Gemeng gefrot ginn,
Den Dokter ass de Pascal Stammel vu Mamer (Direkter vum CGDIS)
- KC** Këmmert sech ëm d'Calicoten an de Signaleuren
- MM** Huet e roude Fuedem opgestallt fir den GPBJ, eng perfekte Virbereedung fir eisen GP, de Briefing vun de Posten gëtt vun der Police gemach,
D'Beschrëftung vun de Meter, do machen mer den 25m an den 75m net beschrëft.
- HS** Tutorials fir d'Signaleuren (Video Format) fir datt se kënnen eenz ginn. (froen den Fränk Schleck)
- HD** **Ech froen d'Autoen,**

Allgemeng ass décidéiert ginn datt mer eng Brochure net machen, duerch den Zäitmangel, mee datt mer villäicht dat ersëtzen mat direct Sponsoring on site (Chronométrage ofréiert vun...., oder de Grand Prix CFL, de Pokal ass oferéiert vun, d'Blummen gi gesponsort vun...)

- HD** Wéi ass et mam Funk, musse mer do net als Veranstalter ee stellen falls d'Equipe keen hätt ?
Wéi ass do d'Reglementéierung?
- TL** Den 2. Motorrad brauch den Ardoisier.
- JF** Wéivill brauchen mer der ? Beim GPBJ brauchen mer der eng bestëmmten Unzuel (à définir),
Offer vun Maxtiming as och ukomm an dat kascht och 4500€, solle mer di unhuelen ?

A l'unanimité ass di Offer mat Virbehalt ugehol, d'Détailler musse geklärt ginn (HS wisou bannen mer se net op 3 Joer z.B. ?).

- HD** Mir hunn e bessi Zäitdrock, mir kënnen jo anescht denken andeems mer villäicht d'Ausgaben drosselen.....
- HS** Coursensponsoring wéi ass et domadden? D'Podiumsplazen villäicht, den Départ z.B. als Brochurekompensatioun

6. INDOOR CYCLING 2020:

Fir eng nächste Versammlung um OJ.

7. COURRIER:

- SR** Courier vun der FSCL wéinst dem COVID-19, do ass et gutt méiglech datt verschidden Eventer missten ofgesot ginn,

8. EXTRA: VIRSCHLÉI FIR ZE DISCUTÉIEREN

Heng & Luss Event 24/4/2020:

- JF** Den lettrage Grillo schéckt en Entworf, Deadline ass dann fir nächsten Fréideg (Einsendeschluss !!), ween gëtt do gefrot, Sponsoren, active Partner di Prestation de service machen (Gemeng, etc...), actif Coureurë, resuméiert all di Léit di op der AGO waren di ginn mat invitéiert

War bei Eventum, di schécken mer eng Offer baséiert op zwëscht 80 bis 100 Léit, et soll e walking Dinner ginn, Gedrënks géifen mir eis këmmen.

E puer Offeren ginn dann gefrot (De Gourmang Sàrl, Kirsch, o.A.)

Den Flammang Tom moderéiert dann den Owend,

Präisser vun den Uniformen fir di Léit di dann wéilten déi kafen?

- HS** Wéivill Brochurë machen mer am Joer, wéi wär et wann ee se fidéiséiere géif iwwert 3 Joer z.B.,

- JF** erwähnt di Präisser di di lëscht Joer praktizéiert gi sinn.

Allgemeng bleiwen nach e puer Punkten fir de nächsten Versammlungen, e.A. :

- Lizenzen fir cyclo-touristen,
- Stratégie fir néi Memberen ze kréien (jonker)
- Talent Development
- Planung an Andeelung vun de Sätzungen (Datum & Dauer)
- Brochurë opstellen (méijähreg Verträg fir Reklammen z.B.)

9. TABLE RONDE:

- GS** Utilisation de Clubee fir d'Organisatioun vun den Versammlungen HD soot et wär di lëschten Kéier net richteg gang, do muss nogehackt ginn
- HS** Umeldung fir d'Versammlungen iwwer Whatsapp dann géif lafen.
- RS** Schrëiwen un de Ministère & och un d'FCSL fir d'Ufro fir de Luxtrust unzufroen D'Demanden müssen ëmmer Ënnerschrëft vun dem Prési & Secrétaire !!!!
- HD** Et wär flott wann ee géif eis Coureurë ernennen wann d'Coursen sinn,

Ënn vun der Sëtzung : 22:00h.

Notéiert iech wgl. dës 3 Datumen:

Wéini	25 März 2020 ëm 19:00 Auer	8. Abrëll 2020 ëm 19.00 Auer	29. Abrëll 2020 ëm 19.00 Auer
Wat	Versammlung	Versammlung	Versammlung
Wien	De ganzen Comité	De ganzen Comité	De ganzen Comité
Wou	Centre Culturel Dippech, 64 A, route de Luxembourg	Centre Culturel Dippech, 64 A, route de Luxembourg	Centre Culturel Dippech, 64 A, route de Luxembourg
